FONDATIOUN
Chrëschte mam Sahel

L'ARBRE à PALABRES



Construisons ensemble l'avenir par l'éducation et la formation

**Léif Donateuren,
léif Frënn,**

Zu enger valabler Entwécklungshëllef gehéiert prioritär d'Alphabetiséierung souwuel fir d'Kanner an déi Jonk wéi och fir déi Erwuessen.

Een, deen net liese, schreiwen a rechne kann, ass och an de Länner vun der 3. Welt op verluerenem Posten, a geet fréier oder spéider zu Gronn. Derbäi kënnt a kuerzer Zäit d'Noutwennegkeet vun der Formatioun um Gebitt vun der Informatik an der Elektronik. Déi Entwécklung mécht rapid Fortschrëtter: Et dauert net méi laang, bis et Elektresch an de gréisseren Uertschafte vun der Brousse gëtt.

Ëmmer méi Héchspannungsmaste gesäit een hot an har am Land wuessen; hir Leitunge bréngen Ernergie an Zukunft och an déi nach aarm Géigenden. D'Haaptenergie, déi vun der Sonn, ass omnipresent an Afrika; Se läit gréisstendeels brooch, well d'Solarzellen nach ze deier sinn. D'Reduzéierung vun de Präisser kënnt vläicht net esou séier; Europa misst eng oder zwou Hänn matupaken, wat wuel nach eng Zäit dauert: Déi grouss europäesch Länner dréien ëm sech. Vu jehier hunn déi meescht en Entwécklungsbudjet, dee kleng oder minim ass. Just e puer Länner maachen do eng Ausnahm: eent vun hinnen ass dat klengt Lëtzebuerg. Iwwer den Ambassadeur vu Burkina Faso hu mer an enger Sessioun fir d'ONGen bestätegt kritt, dass hir Regierung weider op Lëtzebuerg zielt a speziell och op déi excellent Strategie vun de PDIen mat deenen d'Fondatioun Chrëschte mam Sahel zënter 2004 schafft. Dëse positiven Echo huet eis gefreet:

Dofir lech all, léif Donateuren, e ganz grousse Merci fir Är finanziell Hëllef. Mir hunn de Courage an d'Hoffnung, lech ze froen – am Numm vun de Kanner, de Jonken, de Fraen an de Männer aus den aarme Regiounen, wou mer schaffen –, ob mer och weiderhin op Ären Engagement zielen därfen, speziell fir d'Bildung an dat liewensnoutwennegt Waasser.

Lo schonn : villmools Merci och am Numm vun eiser Här.

Ferdy Fischer,
President

Burkina Faso Awunner: 14.770.000, Bruttosozialprodukt: 314,23 € **➜ dat sinn am Mount € 26,19 ←**

Schoulen: An engem vun den äermste Länner

E Klassesall fréier

Eng Schoul haut

An enger Aart „Kantin“, wou ofwiesselnd verschidde Mamme kachen, kréien d’Kanner eng waarm Moolzecht pro Dag (munchmol déi eenzeg).

Dat ass esouguer zum Deel ee vun de Grënn, woufir d’Leit hir Kanner an d’Schoul schécken.

Dës Moolzecht besteet haaptsächlech aus Hirsebräi mat, wann disponibel, e bësse Geméis, wat zum Deel an de Schoulen hiren eegene Gäert ugeplanzt gëtt.

D’Kanner mussen alt bis zu 7-8 km (± 2 Stonnen) fir 1 Wee zu Fouss goen, fir an hir Schoul ze kommen. Dat bedeit: si gi moies an der Däischtert fort a kommen owes an der Däischtert erëm heem. Oft mussen d’Medercher nach virun der Schoul Waasser op de Pëtz siche goen an no der Schoul de Mammen doheem hëllefen. Vill Elteren schécken hir Kanner nach net an d’Schoul wëll se einfach net genuch Suen hu fir Bicher, Hefter, Uniformen asw.

Wuel gesinn d’Elteren de Besoin fir d’Kanner an d’Schoul ze schécken ëmmer méi an, mee um Land kënnen einfach nach zevill Leit sech dat nët leeschten.

En anere grousse Problem ass d’Sprooch. Déi offiziell Unterrichtssprooch ass Franséisch, d’Kanner dinn sech awer domat ganz schwéier, wëll si doheem hir Mammesprooch schwätzen. E Beispill as „Moore“, déi Sprooch, déi am Burkina am meeschte verbreet ass an awer nëmmen eng vu 60 verschidde Sproochen ass.

An den Dierfer kréien d’Schüler näischt oder net vill vum Rescht vun der Welt mat: Et gëtt keng Télé, kee Radio, keng Zeitung, bal keen Austausch mat aner Schüler, wat och dozou féiert, datt net vill vun hinnen a Sekondärschoule ginn, wat da méi schlecht Beruffsaussiichte mat sech bréngt.

2 Mamme vu Schüler, déi d’Mëttegiesse fir ± 250 bis 300 Kanner an der Schoulkantin kachen.

De Geméisgaart bei der Schoul mat engem grousse Pëtz, deen awer och vun aner Leit aus der Ëmgéigend genotzt gëtt. Hei gëtt och Geméis gezunn, wat op de Mäert vu Fraen, déi vun engem Microkredit profitéieren, verkaaft gëtt.

Waasser: Quell vum Liewen? = Globale Problem!

Am Weltwassertag, dem 22. März 2010, wurde deutlich in welcher desolaten Lage die Trinkwasservesorgung in der Welt ist. Schleichende Klimaveränderungen werden das Problem noch verschärfen. Der aufkommende Wassermangel wird nachhaltig die gesamte Agrarproduktion beeinflussen und somit Hungersnöte heraufbeschwören. Etwa 900 Millionen Menschen weltweit haben keinen Zugang zu sauberem Trinkwasser. Durch unsauberes Wasser übertragene Krankheiten fordern jährlich den Tod von 1,5 Millionen Kindern unter 5 Jahren.

In Afrika, dem ärmsten Kontinent der Erde, wird seit Jahren um das Überleben der Menschen gekämpft.

Der chronische Wassermangel und das unsaubere Trinkwasser führen immerfort zu Dürre, Seuchen, Hungersnot und Tod.

(Extrait aus engem Artikel vum Här Marcel Oberweis, Administrateur vun eiser Fondatioun)

Proppert Waasser fir eng gutt Gesondheet!

Déi natierlech Ressourcen, Waasser, Loft a Buedem stellen d'Liewensgrondlag vun de Mënschen !

Fir an engem Duerf 1 Forage ze realiséieren, brauche mer ± 8.000 €

MAT ÄRER HËLLEF

konnte mir a 25 Joer ronn 100 Schoule bauen
an domat iwwer 100.000 Kanner an d'Schoul schécken

Obwuel et am Burkina Faso
eng Schoulpflicht gëtt,
fehlen nach ëmmer Schoulen,
besonnesch an der ländlecher
Géigend.

Eng Schoul besteet aus 3 verschidde Klassesäll,
all Klass huet 70 bis 100 Schüler an 1 Léierpersoun,
donieft bestinn och 3 Wunnenge fir d'Léierspersonal
an 1 Latrinegebäi, a munchmol eng Kantin mat
Geméisgaart.

MERCI de verser vos dons (fiscalement déductibles)
sur le compte de la Fondation Chrëschte mam Sahel

CCPL LU12 1111 0560 0031 0000

Bulletin édité par la Fondation Chrëschte mam Sahel, ONG active au Burkina Faso reconnue depuis 1986 | Siège social: 10, rue d'Itzig, L-5231 Sandweiler | Adresse postale: B.P. 2647, L-1026 Luxembourg | Tél.: (+352) 49 05 55 | Fax: (+352) 26 48 04 55 | Courriel: ongsahel@pt.lu | Site internet: www.cms.cercle.lu | Compte bancaire de la Fondation Chrëschte mam Sahel: CCPL LU12 1111 0560 0031 0000 | Layout et impression: Saint-Paul Luxembourg.

Luxembourg-1
Port payé P/S 328